N°4131
Entrée le 22.05.2026
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 22.05.2026
Chambre des Députés



Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 22/05/2026

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Landesplanung & Ëmwelt, Klima an Biodiversitéit weiderzeleeden.**

De Gemengerot vu Péiteng huet de 19te Mee ee Projet fir d'Pose vun enger Drénkwaasserleitung a Richtung Fond-de-Gras gestëmmt, déi ronn 300.000 Euro soll kaschten.

Laut de presentéierte Pläng soll dës Leitung vum Beräich vum Scoutschalet bis un de Site vum Fond-de-Gras gefouert ginn.

Vun do féiert d'Leitung och laanscht een ëmstriddenen Hotel-Projet am Dhoil, dee vun dëser 300.000€-Leitung profitéiere wäert.

Den Ëmweltministère hat den 13te Juli 2022 op Basis vum Naturschutzgesetz eng Autorisatioun ginn, déi de Bau vum Hotel am Dhoil zu Rodange erlaabt.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. D'Waasserleitung féiert duerch een Natura2000-Schutzgebitt: wéi eng weider Moossnahmen muss de Bauhär (hei d'Gemeng) an dësem Kontext ergräifen?
2. Ass d'Gemeng Péiteng am Virfeld un den zoustännege Ministère erugetrueden, fir eng Autorisatioun oder en Accord fir dës Waasserleitung an eventuell zukünfteg Uschlëss ze kréien?
3. Ass de Site, wou den Hotelprojet am Dhoil geplangt ass (Parzellnummer 1376/6428 an déi ëmleiend Parzellen), aktuell schonn un den Drénkwaasserreseau ugeschloss?

4. Dierf dës Waasserleitung fir aner Gebaier oder Projeten am Beräich vum Dhoil oder Fond-de-Gras genotzt ginn?

5. Falls den Hotelprojet am Dhoil un dës nei Leitung ugeschloss gëtt: wéi gëtt garantéiert, datt d'Käschte vun dëser Infrastruktur net integral vum Steierzueler gedroe ginn?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten